eltrona.lu

# Informatiounsversammlung

Léif Clienten,

Mir si frou Iech matzedeelen, datt ab dem **1. Juli 2024**, Eltrona, Pionéier vun der Kabeltélédistributioun zu Lëtzebuerg, d'Gestioun vun de Clienten an der Gemeng Mamer iwwerhëlt.

**Fir de Moment ännert sech näischt**, Dir wäert weider vun Ären üblече Servicer profitéieren kënnen.

Ab dem 1. Juli 2024 iwwerhuele mir den Service Client an d'Ofrechnung vun den Abonnementer. Als lokalen Operateur fokusséiert op Clients Zefriddenheet, hoffe mir, all Är Erwaardungen mat eise Konnektivitéits-servicer ze erfëllen.

Fir Iech am Detail z'informéieren, invitéiere mir Iech op eis Informatiouns-versammlung de

**26. März 2024 um 19.30 Auer**
**am Festsall vum Mamer Schlass**

Bei dëser Geleeënheet sinn d'Equipe vun Eltrona present, fir Iech déi nächst Ännerungen virzestellen a virun allem, déi nei Méiglechkeeten ze presentéieren, vun deenen Dir als Awunner vun der Gemeng Mamer profi-téiere kënnt.

D'Informatiounsversammlung ass op Lëtzebuergesch mat Simultan-iwwersetzung op Franséisch.

Mir freeën eis, Iech deen Owend ze gesinn.

Mat frëndleche Gréiss

**Eltrona Interdiffusion S.A.**